Lafmeeting fir Fräizäitsportler

(Licences-loisir FLA, non-licenciés FLA)

Am Kader vun der Aktioun „Meter fir Meter - nei derbäi“ organiséiert
de Sportsministère, an Zesummenaarbecht mat der F.L.A. an dem Celtic Dikrech

Freides de 27. Juli

um Stadion zu Dikrech e

Reegelmässegkeets-Laf

fir Lafufänger, Fräizäitjogger an aner,
wéineg erfueren Hobbyleefer

Horaire:

20h00	2000m-Leef (3)
20h40	5000m-Leef (3)

Infos an Umeldungen iwer Internet op
www.celtic.lu oder www.fla.lu oder www.sports.lu
(sport-loisir-Meter fir Meter).

D’Participatioun as gratis

Weider Infos:

Celtic Diekirch	M. Tun Moureaud	tel. 621 176 456
FLA	M. Georges Klepper	tel. bureau 24783418
Département ministériel des Sports	M. Hubert Eschette	tel. bureau 24783426

Lafmeeting fir Fräizäitsportler

(Licences-loisir FLA, non-licenciés FLA)

Am Kader vun der Aktioun „Meter fir Meter - nei derbäi“ organiséiert de Sportsministère, an Zesummenaarbecht mat der FLA an dem Celtic Dikrech **Freides de 27. Juli um Stadion zu Dikrech vun 20 Auer un e**

Regelmässegkeets-Laf

Em wat geet et?

Lafufänger hun oft keen Tempogefill a kënnen hiren Effort nach net richteg andeelen. Dës Veranstaltung soll Jidderengem, ob bluddegen Ufänger oder schon e besschen méi erfuerenen Jogger, d'Geleegenheet gin, sech iwer eng bestëmmte Streck op d'Regelmässegkeet am Lafen testen ze loossen.

Mir bidden un:

En Test iwer 2 km (5 Ronnen um Terrain) oder iwer 5km (12,5 Ronnen um Terrain). Jidder Leefer a Leeferin kritt nom Laaf seng Gesamtzäit matgedeelt, mais awer och all eenzel Ronnenzäit. Dorun kann en da gesin, wéi de Profil vu sengem Laf ausgesäit.

Wéi funktionéiert dat?

Am beschten, d'Interessente mellen sech am Virfeld un a soen eis, u wat fir engem Laf si wëllen deelhuelen. Umeldungen op der Plaatz sin och méiglech. Et gin 3 Leef iwer 2000m an och 3 Leef iwer 5000m: all Kéier e Laf fir Männer, e gemëschte Laf an e Laf fir Fraen. All Laf as op 20 Participant'en limitéiert. All Participant kritt en elektroneschen Chip geléint, deen en derno erëm muss zréck gin. Dëse Lafowend as nët als Course geduecht, mais éischter als Trainingshëllef. All Participant kritt eng individuell Fiche mat senge Resultater erausgeprint.

Horaire:

20h00: 2000m-Leef (3)
20h40: 5000m-Leef (3)

Umeldungen iwer Internet op www.celtic.lu oder www.fla.lu oder www.sports.lu (sport-loisir-Meter fir Meter).

Weider Infos:

Celtic Diekirch	M. Tun Moureaud	tel. 621 176 456
FLA	M. Georges Klepper	tel. bureau 24783418
Département ministériel des Sports	M. Hubert Eschette	tel. bureau 24783426